



# den EU-Pefferkär

## D'EU muss op de Bierger lauschteren!



**AECR**

D'AECR ass eng Allianz vu Parteien, déi d'europäesch Politik matbestimmen. Dës Partei bekenne sech zu de Prinzipie vun den individuelle Fräiheeten, der nationaler Souveränitéit, der parlamentarescher Demokratie, dem Rechtsstaat, der privater Proprietéit, den niddrege Steieren, der staarker Währung, dem fräien Handel an der Subsidiaritéit. D'ADR ass zanter 2011 Member vun der AECR.

**ECR**

ECR steet fir de Grupp vun den europäesche Konservativen a Reformparteien am Europa-Parlament. Mat 74 Deputéierten aus 16 Memberstaate stellt d'ECR deen drëttstärkste Grupp am Parlament duer. D'ECR gesäit sech als „Eurorealisten“, wëll keen europäesche Federalstaat mä eng méi flexibel Organisatioun, an där all Vollek an all Memberstaat respektéiert gëtt.

The AECR is recognised and partially funded by the European Parliament. The views expressed in this publication do not necessarily reflect those of the European Parliament. The European Parliament cannot be held liable.

De 6. Abriill huet dat hollännescht Vollek iwwer Referendum zu enger europäescher Decisioun Stellung bezunn. Knapps wor d'Resultat bekannt, an dat ass net esou ausgefall wéi eng Rei EU-Spëtzepolitiker sech et gewünscht hunn, du sinn d'Wieler schonns fir domm verkaf ginn.

De Lëtzebuerger Bausseminister Jean Asselborn, stellvertriedend fir vill aner ähnlech Aussoen, huet dës Warnung eraus ginn: „Das Referendum ist kein geeignetes Instrument in einer parlamentarischen Demokratie, um komplexe Fragen zu beantworten.“ Op Lëtzebuergesch: d'Wieler sinn ze domm, loosst alles vu Bréissel entscheiden!

Parteien aus der AECR, der Allianz vun den europäesche Konservativen a Reformparteien, vertrieden eng aner Usicht. D'Torys, d'Partei vum David Cameron, geet mam gudden Beispill vir. Den 23. Juni stëmmen d'Britten doriwir of, op si an der Unioun wëlle bleiwen oder net. Et geet hei net drëms, de Leit vun der Insel ze soen, wéi se sollen ofstëmmen. Wichtig a richtig ass, dass d'ganz Vollek un esou enger wichteger Decisioun bedeelegt gëtt. Dës Decisioun ass dann och ze respektéieren!



Ververdis Vasilis / Shutterstock.com

D'ADR setzt sech säit hiner Grënnung fir méi direkt Demokratie an. Dëst géllt och fir europäesch Froen. D'ADR fuerdert, dass bei all Ännerung vum Traité, bei weideren Ofriede vun nationaler Souveränitéit un Europa a fir all Ophuele vun neie Memberen an d'EU, d'Vollek – zu Lëtzebuerg wéi an deenen anere Länner – MUSS iwwer Referendum gefrot ginn.

Europa huet d'Vertraue vu ville vu senger Bierger verspillt. Dëst huet eng Rei Ursaachen. Déi wichtigst ass déi, dass d'Europäer den Androck hunn et géif hinnen net nogelauschtert. Wann

d'Vollek mol gefrot ginn ass, an et huet net esou geäntwert wéi erwaart, dann ass dëst Resultat net respektéiert ginn (Frankräich an Holland, 2005) oder et geet esou laang gewielt bis d'Äntwert déi „richteg“ wier (Irland, 2008 an 2009).

D'AECR an d'ADR si géint e federaalt Europa. Si sti fir en Europa vun den Natiounen, wou op d'Meenung vun all eenzelne Staat, an hire Bierger, gelauschtert gëtt. Déi aktuell Entwécklung an Europa weist, dass dëst dat eenzeg realistesch Konzept ass.